# As d'Tata e Baangschësser?

*An England beschäftegt sech eng Enquêtekommissioun mat der Fro, wéi et zu deem trageschen Doud vum Waffenexpert David Kelly konnt kommen. Deen hat sech Mëtt Juli d'Liewe geholl, well hien an d'Millen tëscht Politik a Medië gerode war. An der Tëscht huet d'BBC, déi als journalistesche Modell fir de Service public an aller Welt gëlt, u Vertraue bei de Leit verluer. Nach méi schlecht steet allerdéngs de Reejhirungschef do: Wat méi Zeie gehéiert a méi vertraulech E-Maile publizéiert gin, wat den Tony Blair an e gudden Deel vu sénger Equipe ëmmer méi Crédibilitéit verléieren. Dat kënnt dervunner, wann ee Politik mat engem "Spill fir Baangschësser" verwiesselt.*

Et war ee vum Tony Blair séngen zwee Spriecher, deen an enger vertraulecher E-Mail vum engem "game of chicken" geschwat huet, also engem Spill fir Baangschësser. Dat Spill geet am Prinzip esou: Zwee Leit, déi sech eppes ze beweisen hun, halen op enger schmueler Strooss mat hieren Autoën stuer openeen duer. D'Fro as, wien als éischten d'Steier erëmrappt an domadder d'Gesiicht verléiert. Wa béid Chauffeurë bis zum Schluss konsequent bleiwen, da kann et fir si béid d'Enn bedeiten.

Dorëms goung a geet et weider am Match tëscht der BBC an 10 Downing Street. Der Labour-Reejhirung war dru geleën, esou vill Drock op déi öffentlech-rechtlech Statioun ze maachen, datt déi den Numm vun hirer Quell géif ugin. An enger Radiosémissioun hat de Reporter Andrew Gilligan gesot, d'Exekutiv hätt den Dossier, fir d'Invasioun vum Irak öffentlech ze justifizéieren, "méi sexy" gemaach. An zwar duerch déi dubios Ausso, de Saddam Hussein kéint Massevernichtungswaffe bannent 45 Minutten asetzen.

E puer Deeg méi spéit huet de Gilligan an engem Zeitungsartikel eng Schëpp ugeluecht an den Alastair Campbell als deejéinge genannt, dee fir dës Verschéinerung soll responsabel gewiescht sin – zu Onrecht, wéi een haut weess. De Campbell as Kommunikatiounsdirekter vun 10 Downing Street. Hie gët gäeren als den zweetmächtegste Politiker an England ugesin, direkt nom Tony Blair. Sécher as, datt hien e formidable *spin doctor* as, also een, deen et versteet, d'Medièn esou ze manipuléieren, datt d'Reejhirung gudd do steet. Dat huet hien nach spéitstens den 29. August 2003 bewisen, deen Dag, wou hie séng Démissioun ugekënnegt huet. Dat as nees eng Kéier duergaang, fir all Opmierksamkeet op sech ze zéien an de journalistesche Fokus vun der Enquête iwwert dem Waffenexpert David Kelly säin Doud ofzelenken.

Sou as dat, zanter New Labour un der Muecht as. D'Kommunikatioun as méi wichteg wéi de Message. Fir d'Journaliste gët et ëmmer méi schwiereg, an dësem Emfeld vu Manipulatioun a Géigemanipulatioun Geschichten ze fannen, déi der enker Reejhirungskontroll entwutschen. Derbäi kënnt, datt d'BBC ëmmer méi dem Bild vun der "Tata" entsprécht, wéi si vun den Engländer mat Respekt genannt gët. D'Presse an d'Privattelevisioun gin ëmmer méi räisseresch, do gesäit d'BBC brav aus, fir nët ze soen harmlos. Op däer anerer Säit baut déi formidabel Réputatioun vun der "Auntie" grad op hierer akurater Berichterstattung op. Jhust datt d'BBC a leschter Zäit méi éiergäizeg gouf. Och si wollt Neiegkeete bréngen, déi d'politesch Agenda vum Dag géife bestëmmen. Duerfir huet si Leit wéi den Andrew Gilligan vun der Presse ewech bei de Radio gelakkelt.

De Gilligan as ouni Zweifel e gudde Militärkorrespondent, mee séng Methode si fir BBC-Verhältnisser muscléiert. Sou huet hien nët gezéckt, engem Deputéierte vun der Oppositioun e puer Froe mat op de Wee ze gin, déi deen dem Waffenexpert David Kelly an der Réunioun vun enger parlamentarescher Kommissioun sollt stellen. Bei däer nemmlechter Geleënheet huet de Gilligan dem Deputéierten och nach d'Quell vun enger Journalistekollegin verroden. Do as et keen Trouscht ze wëssen, datt och den Tony Blair a séng *spin doctors* keng Massendénger sin.

Bis elo huet d'Enquête, déi vum Riichter Lord Hutton geleet gët, am meeschten dem englesche Premierminister geschued, well hien entzaubert gouf. Mat missionareschen Äifer a séngem typesche Bambi-Bléck huet den Tony Blair der Öffentlechkeet ëmmer nees veréchert, datt séng Beweiser géint de Régime vum Saddam Hussein sérieux wären. An der Tëscht as awer däitlech gin, datt hien de Risiko wëssentlech iwwerdriw-wen huet. An all déi irakesche Massevernichtungswaffen, mat deenen hien dem Parlament säin Accord ofgerongen huet, si bis ewell nach nët opgedaucht. Datt hien eng onofhängeg Enquête bestallt huet, deet him vläicht nach eng Kéier leed. Séng Credibilitéit huet staark gelidden a méiglecherweis leit och nach säi Bild an der Geschicht. Dat wäer fir hien scho bal déi schlëmmste Strof.

PS: Dee beschten Iwwerbléck iwwert déi ganz Kontrovers tëscht der BBC an der Labour-Reejhirung fënnt een op de Mediësäite vun der lénksliberaler englescher Dageszeitung *The Guardian*: *http://media.guardian.co.uk/huttoninquiry/* . An d'Enquête vum Riichter Lord Hutton huet hier eege Website: *www.the-hutton-inquiry.org.uk/*

*(Fräie Micro um radio 100,7 vum 17. September 2003)*

